PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, 22ten Abrëll 2022

**Covid-Vaccin Kafverträg - Nofro**

Här President,

De 4te Januar 2021 haten d'Piraten Iech ee Bréif zoukomme gelooss, an deem mir Accès zu de Covid-Vaccin-Kafverträg gefrot hunn. No engem favorabelen Avis vun der Presidentekonferenz ass deementspriechend den 27ten Januar 2021 ee Bréif vun Iech un d'Madamm Kommissiounspresidentin Von der Leyen an d'Ministere Bettel, Lenert an Hansen gaangen.

Eisen Informatiounen no, koum hei keng Äntwert vun der Madamm Kommissiounspresidentin. Deementspriechend wéilte mir Iech bieden, Här President, hei nach eemol nozehaken, an den Deputéierten an der Chamber dësen Accès zu de Kafverträg méiglech ze maachen. Mir fuerderen, grad wéi d'EU-Deputéiert vun der grénger Fraktioun am EU Parlament, de vollstännegen Zougang zu dëse Kontrakter, dëst am Sënn vun der Transparenz an der Kontrollfunktioun vum éischte Pouvoir.

Mat héijem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten